Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Wéi d'Presse an der Suite vun de Flächebränn vun de läschten Deeg rapportéiert, gouf et eng Ufro vun der Air-Rescue fir datt de Staat d'Formatioun vun hire Piloten géif finanzéieren fir am Fall vu Bränn, a Loftrettungen kënnen de CGDIS logistesch a materiell z'ënnerstëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Op wéi vill beleeft sech pro Pilot d'Formatioun fir mam sougenannten "Baby-Bucket" mussen ëmzegoen?

2. Wéi vill Piloten missten d'Ausbildung duerchlaafen fir an engem 24h-Schichtbetrieb am Asaz disponibel ze sinn fir de sougenannte "Baby-Bucket" disponibel ze halen?

3. Wéi vill kascht d'Formatioun pro Pilot fir déi néideg Zertifikatioun fir Loftrettung z'absolvéieren?

4. Wéi vill Piloten missten d'Ausbildung duerchlaafen fir an engem 24h-Schichtbetrieb am Asaz disponibel ze sinn fir Loftrettung duerchzeféieren?

5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung datt de Babybucket an Kapazitéiten vun der Loftrettung eng plus-value fir de CGDIS géifen duerstellen?

6. Huet d'Regierung aner Pisten, wéi z.B. d'Notzung vu Police- oder Militärhelikopteren an hire Piloten, evaluéiert?
   - Wa jo, wat sinn d'Schlëss aus dëser Evaluatioun?
   - Wann nee, denkt d'Regierung dëst wier eng Opportunitéit déi gepréift misst ginn?

7. Ongefëier an als Fourschette, op wéi vill géif sech an der Hypothese de Käschtefacteur belafen wann de Babybucket oder Loftrettung vun enger privater Gesellschaft operéiert géif ginn? An op wéi vill wann dëst duerch staatlech Institutiounen direkt gemaach géif ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange